## Broschür 29 – fréier & hott

Am Heft 29 vun eiser Rei „fréier & hott“ entdecke mir den Ursprong vun eisem Duerf, kucke mir eis d’Produktioun vun engem Briddeler Gedrénks un, sichen an der Noperschaft no Spueren aus der Réimerzäit, besiche mir een amerikaneschen Auteur am Kléipesch  a gi mir gewuer, wéi eng Famill aus Südafrika hire Wee op Koplescht fonnt huet.

**Dir kënnt dës Nummer fir 15 € op contact@koplescht-bridel.lu bestellen.**




## A.s.b.l. Koplescht – fréier an hott

Eise Veräin gouf 2008 mam Zil gegrënnt, d’Vergaangenheet vun den zwou Uertschafte Koplescht a Bridel an hirer Ëmgéigend z’exploréieren an ze dokumentéieren.

Mir presentéieren d’Resultater vun eise Recherchen dem grousse Public ënner Form vu Broschüren, duerch Ausstellungen, bei Trëppeltier duerch eis Gemeng an der Ëmgéigend …

## Eis Publikatiounen

Zweemol am Joer gi mir d’Broschür „fréier & hott“ eraus, déi mat ville Fotoen an Illustratiounen eis Aarbecht dokumentéiert.

Doran dauche mir an d’Geschicht vun eiser Gemeng an, stelle Kopleschter Originaler vir a weisen op interessant Ecker an der Natur vun hott hin. D’Artikele si meeschtens op däitsch oder lëtzebuergesch, heiansdo och op franséisch.

## Member ginn

En Abonnement kascht 25 € a gëllt fir ee Joer; doran abegraff sinn zwou Broschüren, eng am Fréijoer an eng zweet am Hierscht. Dir sidd dann och Member vun eiser A.s.b.l. a gitt reegelméisseg iwwer eis Aktivitéiten informéiert.

## Weider Informatiounen

www.koplescht-bridel.lu
contact@koplescht-bridel.lu
BCEE LU88 0019 2855 8554 5000

Koplescht fréier & hott

# Trëppeltour

## am Mamerdall

## 2. Juli 2023




*Une randonnée organisée par*
***Koplescht – fréier an hott***

Koplescht fréier & hott

## D’A.s.b.l. „Koplescht – fréier an hott“ invitéiert op een Trëppeltour an de Mamerdall










Rendez-vous ass **Sonndes, den 2. Juli 2023 um 14.30 Auer** bei der Drëps (hannert der Thillsmillen).


### Wou geet et hin?

Den traditionelle Fréijoersausfluch féiert eis dëst Joer an de Mamerdall ronderëm d’Thillsmillen.

Vun der Drëps aus spadséiere mir laanscht d’Neimille Richtung Gaaschtmillen, ier mir op der anerer Säit vun der Mamer hannescht bei d’Drëps ginn, no enger klenger Montée erop an de Juckelsbësch. Dat si ronn 5 Kilometer mat interessanten Erklärungen iwwer d’Natur a ville Geschichte vu fréier.








© Administration du Cadastre et de la Topographie Luxembourg (ACT), Autorisation de publication du 17/2/2015



**Invitation to attend a guided walking tour in the Mamer-Valley around Thillsmillen.**

We meet:
Sunday, 2 July 2023 at 14.30 h at the „Drëps“ (parking lot near the Thillsmillen)
See map!

Duration: apprx. 2.5 h
Please remember to wear robust shoes!



### Wou ass de Rendez-vous?

Wann Dir mam Auto vu Koplescht Richtung Mamer fuert, gesidd Dir op der Héicht vun der Thillsmillen op der rietser Säit ee Schëld „Drëps“. Fuert do eran. No ongeféier 300 Meter kënnt Dir op der Säit vum Wee parken (w.e.g. net um Parking vum Restaurant).

### Gutt ze wëssen

Jiddereen, egal ob Member oder net, ass häerzlech wëllkomm.
Dir braucht Iech net am Viraus unzemellen.

Den Tour dauert 2–3 Stonnen. Mir roden, Wanderschong unzedoen.